N°4522
Entrée le 01.09.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 4522 vum 22 Juli vum honorabelen Deputéierten Mars di Bartolomeo**

1. *Verbannen déi verschidde Ministèren an Administratiounen haut schonn hier Ausschreiwunge systematesch mat soziale Krittären?*

D'Urteel C-210/24 vum 5ten Mäerz vum Europäesche Geriichtshaff (EuGH) betrëfft d'Uwendung vun den Zoudeelungskrittäre (critères d'attribution) bei ëffentlechen Opträg, esou wéi se an der Direktiv 2014/24/EU vum Europäesche Parlament a vum Conseil vum 26. Februar 2014 iwwert d'ëffentlech Opträg virgesi sinn, an duerch den Artikel 35 vum Ausschreiwungsgesetz vum 8ten Abrëll 2018 an dat nationaalt Recht ëmgesat goufen.

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro 3682 vum 20. Mäerz erkläert gouf, erfuerdert dëst Urteel keng Ännerung vum Ausschreiwungsgesetz vum 8ten Abrëll 2018, a sengem Artikel 35, well schonn d'Méiglechkeet virgesinn ass, qualitativ Krittären, a besonnesch sozial Krittären, bei der Zoudeelung vun engem Marché ze berücksichtegen.

Esou kënnen all Ministère an Administratioune sozial Krittären an hire jeeweilegen Ausschreiwungsdokumenter virgesi. Et gëtt awer keng zentral Stell déi d'Soumissiounsdosssieren vun deene verschiddenen Ministèren a Verwaltungen esou am Detail kéint analyséiere fir erauszefanne wat fir eng Zoudeelungskrittäre gebraucht ginn.

2. *Wéi ass gegeebenenfalls den Undeel vun Ausschreiwungen déi esou sozial Konditiounen enthalen an deene leschten dräi Joren?*

Et ginn keng Statistiken iwwert den Undeel vun Ausschreiwungen déi verschidde qualitativ Krittäre ewéi sozial Zoudeelungskrittäre enthalen.

3. *Gëtt et haut schonn eenheetlech Direktiven an dem Beräich?*

All ëffentlechen Optraggeber kann a sengen Ausschreiwungsdokumenter Zoudeelungskrittäre mat sozialen Aspekter virgesinn. Well et a ganz villen Beräicher Ausschreiwunge ginn, déi all hir spezifesch Eegenaarten a Besonneschkeeten opweisen, ass et extrem schwiereg allgemeng gülteg efficace Direktiven erauszeginn déi fir all Zort vu Marché nëtzlech kéinte sinn.

Esou ginn et fir Bauopträg aktuell zwar allgemeng Vertragsklauselen an allgemeng technesch Standardklauselen, mee d'Zoudeelungskrittäre sinn net standardiséiert. De Bauhär ka fir all Optrag spezifesch decidéiere wat fir eng Zoudeelungskrittäre hien benotzt.

Lëtzebuerg, den 31 August 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes